Réunioun vum 6ten Januar 2010

Wichteg Datumen

Opgepasst, mir haten den 3ten März eis Entrevue mat den Délégués-Parents virgesin , deen Datum mussen mir awer elo verrékelen vu dat den ***3ten März*** den ***Talentowend*** am Lycée ass. Deen neien Datum ass elo den ***24ten Februar*** wou mir souwiesou eng Réunioun hun, mir gesin eis dann elo um ***18.00 Auer*** fir eis Réunioun an ***d'Entrevue mat eisen Délégués-Parents ass dann um 18.30 Auer am D006***!

D'Réunioun vun der ***Restauratioun*** ass den ***4ten März um 14.30 Auer am Sall C119!!***

D'Entrevue mat den Proffen wat den Dél.par. ubetrëfft ass den ***10ten März an den 17ten März d'Entrevue mat der Direktioun um 18.30 Auer am Sall D006*** , den ***17ten März ass dann och um 20.00 Auer zu Garnich een Informatiounsowend*** wou den Mamer Lycée sech virstellt, an mir vum Eltërecomité matgin ,dat betrëfft all déi Mamer Nopeschgemengen. Mir hun beschloss, dat dann soubal mir Datumen all wëssen, all Kéiers 2 Leit vun eis wärten matgoen.

Den nächsten ***Conseil d'éducation*** ass den ***11ten März um 15.00 Auer am Sall C119!!***

Mir hun den Datum fir eis Table Ronde fir den ***9ten Juni um 18.30 Auer*** virgesin.

Ech hun Iech do och den trimestriellen Agenda (wou all déi Datumen dran stin) vum Lycée gemailt!

Conseil d'éducation

Den Perry an Sonja waren den 8ten Dezember an d'Réunioun vum Conseil d'éducatioun wou folgend Punkten um Ordre de Jour waren

- Diskussioun doriwer dat den Ministère de l'éducation nationale eng Propositioun gemach huet fir d'Horairen vun den Schoulen eenheetlech ze gestalten, wou eisen Lycée awer een Bréif gemach huet (Kopie hudd dir gemailt kritt) fir eis Horairen wéi se elo sin, bei kënnen ze haalen . Affaire à suivre….
- Den Budget fir dat neit Schouljoer ass och gestëmmt gin, an fir den Eltërecomité sin dëst Joer 500 € virgesin
- Den SPOS huet och eng Réih vun Proposen gemach (Kopie hat dir och gemailt kritt) wéi een eventuell den Probleem vum Fëmmen an der Schoul kéint bekämpfen respektiv an den Grëff kréien!!

Fapel

Anne an Nelly hun iech den Programm gouvernemental 2009-2014 ausgedeelt, an do hun mir dann iwert déi verschidden Punkten diskutéiert, wéi

- Evaluatioun PROCI – PROJET an déi verschidden Fillièren …
- Régime préparatoire
- Tutorat
- Préparatioun vun eisen Schüler wat herno hiir Etuden op enger Uni betrëfft

Do stin nach eng Reih vun Froen op, wou mir dann mat huelen an eis Entrevue mat den Proffen an der Direktioun wat den Délégués-Parents ubetrëfft !

Restauratioun

D'Christiane, d'Nelly an d'Anne waren den 4ten Dezember op der Réunioun vun der Restauratioun wou mir keen Rapport kréien , vu dat et do naicht spezielles ze berichten gëtt. Eis Ufro firwat net méi Leit an der Paus respektiv an der Mëttesstonn an der Caféteria den Service machen, kruten mir gesoot , dat do bei Restopolis misst eng Ufroo gemach gin vu dat et een Probleem vun Personalmangel ass!!

Divers

Den Perry huet eis doriwer informéiert dat vum Ministère, eng Equipe vun Leit eng Opklärungskampagne fir 7ièmen, iwert d'Gefohren an d'Benotzen vum Facebook an den Lycée'en mecht. Mat dem SPOS zesummen machen mir dann een Bréif fir d'Eltëren alleguer (net nëmmen déi vun 7ième)fir op déi Réunioun ze invitéieren, déi Bréiwer gin dann mat den Zensuren vum Abrëll un d'Eltëren virun geleet!! Eng gudd Saach…..

Den Perry huet eis och gesoot , dat vum 2ten Trimester un d'Proffen op den Eltërenversammlungen erëm présent sin, wat mir ganz begréissen !!

Zum Schluss vun eiser Réunioun hun mir och nach fléisseg d'Cotisatiounen verpaakt , iech all e groussen MERCI !!